DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 15 juin 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„No 2 Joer Pandemie ass et erëm méi einfach ze reesen. Och d'Lëtzebuerger buchen zur Zäit erëm méi Reesen a ginn dofir och e gudden Deel vu hirem järleche Revenu aus.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:*

1) *A wat fir eng Länner reesen d'Lëtzebuerger am dacksten a wéi laang halen si sech do am Duerchschnëtt op?*
2) *Wéi ee Prozentsaz maachen d'Ausgabe fir d'Vakanz am Budget vun engem Stot hei zu Lëtzebuerg aus? Wéi héich ass dës Part am Budget jee no Akommeskategorie? Wéi huet sech dës Part zanter 2010 entwéckelt?*
3) *A wat fir engem Mooss huet d'Pandemie d'Reesverhale vun de Lëtzebuerger verännert? “*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten